

## Een Haus, 3 Stäck!

Fir eis Dezember-KLACK soll et e bësse méi 'no bannenzeg' goen, eng Grimmel méi heemlech ginn... et gëtt jo kee Mount am Joer, op deem dat méi Nodenkerlecht an Heemlecht vläicht besser kënn passen... 'heemlech' huet schlësslech mat 'Heem' ze dinn! Oder?

Eis Sprooch, grad ewéi déi aner, huet zesoen **3 Niveauën**, op deene fir si, iwwer si a mat hir geschafft gëtt. Tëscht deenen Niveauë (am Modernen och nach 'Trakte' genannt) sinn Trapen, Gäng an Diren, déi de Fong matenee verbannen... wéi an engem Familienhaus!



vum Lex Roth

(FOTO: TEDDY JAANS)

Um 'Rez-de-chaussée' gëtt – am Sprooch-Verglach – gekacht, gebracht, gebak, gebroden, gedëmpt, gesalzt, gepeffert a gekraidert, mä och gelaacht, gestriden, gededegt: gelieft! Do **spillt sech d'Familjeliewen of**, do ass d'Kichen, do ass d'Stuff... an hei passt den engleschen Ausdrock 'living' jo wéi de Kuch an d'Pan. Eis Sprooch – all Sprooch! – otemt a lieft, geet, vergeet, erneiert, verbessert oder verschlechtert sech op deem Verglachs-Niveau... an op deem schafft eis Actioun-Lëtzebuergesch, zënter 35 Joer. Souzesoe 'beim Vollek', am Perséinlechen, an d'Breet, wou jiddereen eppes matkritt, wou bekäppt, wou munneches verstan a gefillt gëtt, wou d'Kanner hir Sprooch léieren an d'Welt iwwer d'Mammesprooch ufänken ze bekäppen... **Mir hunn eiser Sprooch op Dosende Manéieren eng Plaz a Respekt verschafft**, sief dat an der Press, op Stroossen- an Uertschaftschëlter, mat Sproochecoursën zënter 1976, an der Kierch, an, an, an. Dat Allerschéinst ass ower, ze mierken, datt alles dat haut geholl gëtt, wéi wann de Kleeschen oder Chrëschtkëndchen dat bruecht hätten.

Um éischte Stack si gemenkerhand d'Schlofkummeren an d'Zëmmere, wuer een sech (och op sech) zréckzéie kann. Do **stelle mir äis d'Rou vir, dat méi Nodenkerlecht**, d'Tiermen an d'Dreemen an, an, an... dat ass, am Verglach, den Niveau vum Schreiwen, vum schrëftleche Verfeinere, Verzielen a Ver-Dichten. Hei fanne mir dann, sproochlech gekuckt, den **Niveau vun der Schrëftstellerei**, vu den Dichter a Schreiwerten.

Op de Stäck uewendriwwer fanne mir dann – an eisem Sproochverglach – d'Grammaire, d'Orthographie, a ganz uewenaus d'Linguistik. Dat ass **den theoretischen, de wëssenschaftlechen Deel** vun der Beschäftegung mat der Sprooch, mat alle Sproochen.

Dir kënnst elo selwer roden an iech **eng perséinlech Meenung iwwer d'Néidegkeet oder d'Wichtigkeet vun deenen eenzele Sprooch-Stäck** maachen. Mir respektereieren all Aarbecht, déi op egal watfir engem Niveau fir d'Lëtzebuergesch gemaach gëtt, a mir soen och jidderengem merci dofir... esouguer wann eis «Vulgarisatiouns-Approche» hei oder do e bësse vermengt/verpaasst gekuckt guf a gëtt. Et ka jo schësslech net jiddereen eng sozio-pedagogesch Oder hunn, gelldir. Leider.

## Ph oder F?

Wat déi wëssenschaftlech Hauliën an deer däitscher Super-Commissioun fir hir Schreifweis eng Dose Joer laang opgefëiert hunn, **dat geet als Bauzegkeet net op zwanzeg Elefanten-Hait!** Ech geng mengen, doriwwer si mir äis eens. De Georges Clemenceau huet emol gesot, e Krich wier villzevill eng eescht Saach, fir de Genereel dat ze iwwerloossen; dat lescht Wuert bei enger Schreifweis däerfen och déi spezialisiert Spezialisten net hunn, soss gëtt et nun emol deem Kuddelmuddel an Dauer, dee mir op deer «anerer Säit» erlieft hunn!

Well «si» ower nun emol «d'Oberhoheit» iwwer hir Sprooch an Orthographie hunn, musse mir äis beim Gebrauch vum Däitschen dorun halen. Wuel verstan: Wa mir Däitsch schreiwen! **Dat heescht ower nach laang net, dat mir hir Kauzegkeeten och fir d'Schreifweis vun eiser Sprooch integral iwwerhuele missten**, well d'Lëtzebuergesch jo och ganz klor z. B. romanesch Elementer huet, déi dacks e griechesche Fong hunn. Datt d'Reimer net alles vun de Griechen an de Phönizier wollte schlëcken, dat ass kultur-konkurrenz-historesch ze explizéieren, mä «Philosophie» gëtt och nach net méi réimesch, wann si als «Filosofia» geschriwwen ass.

Et hat dach knapps ee Krämpes domat, «Photo, Geographie, Physik, Physiologie, Philosoph, Elephant...» ze schreiwen, oder ewéi «Theater, Théi, Thermometer, Theorie...». Dann däerf ee sech froen, wat elo deem **anti-Griechesch-Komplex** an eiser Orthographie ze sichen hätt. Déi gréisst Weltsprooch – d'Englescht – mécht bei deene gelungene «Kolikken» do net mat... eiser Schrëftsprooch steet dat klengt griechescht Element ganz gutt zu Gesiicht. Däitsch ass jo vëllegen a genuch dran! ■ AL

## ceterum censeo... (8) alias: mir ginn äis net!

Datt fir dat neit Gesetz vun der duebeler Nationalitéit och un eiser Constitutioun muss geännert ginn, dat weess jiddereen, deen eng Grimmel Ahnung vun esou Prozeduren huet.

Am Projet fir d'Nationalitéits-Gesetz selwer steet ower och, datt eis Sprooch eng wichteg Roll bei de Conditione spillt... wier dann net just hei déi giedlech Geleehheet, fir eiser Sprooch an engems eng Plaz an der Constitutioun ze ginn?

Mir wëssen hoergenee, datt d'Majoritéit vun den Deputéierten aus der «Constitutiouns-commissioun» mat dem Ernimme vum Lëtzebuergesch d'accord sinn... et bluf just bei e puer en Zécke wéinst dem Nationalitéit-Gesetz... dat ass hirt gutt Recht, ower mat dem ofgeseente Projet fir dat neit Gesetz misst de Prinzip dach elo klor sinn: Eis Sprooch gehéiert logescherweis an eis Constitutioun! Well soss hu mir herno zwee Gesetzter, déi sech mat eiser Sprooch ofginn... ouni datt si am Grondgesetz ernimmt gëtt, dat de Fong vun allen aneren ass. ■ P.W.

EISES...

EISES...

EISES...

EISES...

EISES...

## Nëmmen e Spill?

Mir wëssen, datt (leider) dausende Leit hir Zäit mat egal watfir engem Kabes vrun der Televisioun doutschloen. **Nëmmen Biller kucken ass passiv**; do deet a mécht sech näischt... net nëmmen d'Gelenker a Muskele musse gewieweg gehal ginn, «Bewegung» am Kapp ass op d'mannst esou wichteg! Nëmmen TV-afen, dat bréngt äis, an apaart eisem «Käppchen», net méi ewéi dem Mubaizi, deen äis mat groussen Aen hannert engem Zonk uglozt. Déi kleng 'Bibbelcher (Neuronen)' am Kapp ginn domat liddereg, an dat zitt allméglech Problemer vu Verhalt a Gemitt mat sech. Nëmmen wa mir eise Kapp «goen» dinn, kënnen mir op laang Zäit «dobäi» bleiwen... a geroden net esou séier «donieft» (demenzkrank)! Liesen, Kaartspillen, Rätsle a 'SODOKU' léisen oder allerhand kniwweleg Däpperchesspiller hale méi lieweg ewéi de Langweils-Lastik vrun der Billerkëscht ze zéien.

**Mir proposéieren iech emol nach en anert «Spill».** Huet der Actioun-Lëtzebuergesch hirt Buchheft «EISES» – 170 S., a jidder Bicherbuttek fir 15 € – schlot iergendeng Säit dran op, a kuckt emol, wéi laang dir braucht, fir déi lëtzebuergesch Wieder vun deser Säit op däitsch, franséisch oder an déi zwou Sproochen ze setzen. Sou 'hei-do' ass dat net... mä just do strengt dir d'Gehir immens positiv un; vläicht schléit een och alt emol rëm heinsdo en Dictionnaire op. Datselwecht léisst sech natierlech **als Denk-Sport tëscht zwee oder méi Leit** maachen: wien huet z. B. an enger halwer Stonn déi meeschten Ausdréck «verschafft»?! Gelaacht kann och dobäi ginn, flott Gespréicher a Behauptereien dobäi opkommen... vun deenen zugudderlescht eis/är Sprooch profitéiert. Traut dir iech emol mat dese puer Ausdréck op franséisch an op däitsch... am Buch sinn der 4000!:

ausdoen

Baatsch

baffen

bäigoen

diebelen

diichten

eelzen

Fies

fiselen

fläissen

Gepëspers

Gloscht

Glous

jummen

Klensch

knäppeg

Kruppschank

Lutsch

luusseg

Mullebutz

Nuef

oplafen

Pillem

pinschen